N°1690
Entrée le 20.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude Meisch, à la question parlementaire n°1690 du 19 décembre 2024 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet d'un impact des nouveaux horaires d'ouverture des commerces sur la garde d'enfants**

Et sief drop higewisen, dass den éierbaren Deputéierten hei de Projet de loi deen d'Ëffnungszäiten an de Secteure vum Handel a vum Handwierk reegelt, thematiséiert. Dësen ass de 16. Dezember 2024 vum Regierungsrot ugeholl ginn an den 20. Dezember 2024 an der Chamber deposéiert ginn. De Gesetzesprojet ass also um Instanzewee an d'Commission de l'Économie, des PME, de l'Energie, de l'Espace et du Tourisme vun der Chamber ass dermat befaasst.

D'Regierung rechent net dermat, datt mat der neier Reegelung vun den Ëffnungszäite bedeitend méi Geschäfter an Zukunft sonndes opmaachen oder hir Ëffnungszäite verlängeren. De Projet de loi gëtt d'Méiglechkeet am generelle Kader méi laang a sonndes opzemaachen, dëst ass keng Obligatioun.

Aktuell kënne Geschäfter bis 20h00 an eemol an der Woch bis 21h00 opmaachen, déi meescht maachen awer méi fréi zou. Des Weidere ginn aktuell Derogatiounen zu den normalen Ëffnungszäiten ugefrot: wat d'Ëffnung sonndes betrëfft, sinn am Schnëtt iwwert 80 % vun de Commercen iwwert Derogatiounen ofgedeckt an am Duerchschnëtt froen all Joer 35 Gemengen eng Derogatioun un, sief et fir eenzel Sonndeger oder fir dat ganzt Joer. Deemno hunn elo scho vill Geschäfter d'Méiglechkeet sonndes opzemaachen.

Déi meescht Crèchen a Maison Relaisen (Services de l'éducation et d'accueil [SEA]) hunn aktuell tëschent 7h00 an 19h00 op. Dageselteren betreien vereenzelt Kanner zu méi flexibelen Zäiten.

D'SEA kënnen aktuell tëschent 5h00 an 23h00 op sinn (Artikel 3 vum *Règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services d'éducation et d'accueil pour enfants*). Dat nämmlecht gëllt fir d'Mini-Crèches (Artikel 3, Punkt 7*bis* vun der *Loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*).

D'Dageselteren (Assistantes parentales) kënnen an der Nuecht en Accueil assuréieren (1. Artikel, 1. Alinéa vun der *Loi modifiée du 15 décembre 2017 portant réglementation de l'activité d'assistance parentale*).

Et ass haut méiglech, eng Bildungs- a Betreiungsstruktur sonndes ze bedreiwen.

De Gestionnaire entscheet – am Respekt vun de gesetzlechen Dispositiounen an a Funktioun vun der Nofro – iwwer d'Ëffnungszäiten vun der Bildungs- a Betreiungsstruktur.

Am Oktober 2024 zum Beispill ware bei 32 Assistantes parentales (vun insgesamt knapp 400) Kanner sonndes ageschriwwen. Et goufen keng Kanner an engem SEA oder an enger Mini-Crèche sonndes betreit.

Et ass am Moment net virgesinn, den Dispositif Chèque-service acceuil am Hibléck op déi nei Ëffnungszäiten unzepassen. Haut ass et schonn méiglech fir Bildungs- a Betreiungsstrukturen, sonndes op ze maachen wann de Bedarf besteet.

Luxembourg, le 20/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles